ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 19/07/2022

Rapport vun der Kommissioun fir nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 5 Juli 2022

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Jean-Jacques BUTTEL Philippe CHENNAUX (President) Marc FRANK Jacques HUSS Carlo KOEPP (Sekretär) Patrick KRAEMER Ambrus PORCSIN Joske VOSMAN (Vize-President)	Pierre ESPEN (entschëllegt) Claude HETTINGER (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi folgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung & Presenzelëscht
2. Remarquen zum leschte Rapport
3. Feedback iwwert d' Resultat vum Klimapakt 2.0 Audit
4. Subsiden upassen un de Klima Bonus (voir www.Klimagence.lu)
5. Charta
6. Tour du Duerf
7. Kommt All an de Märjendall

Helperknapp, 19/07/2022

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

8 Memberen waren präsent.

Punkt 2 : Remarquen zum leschte Rapport

Op eng Remarque vum Marc Frank gouf eng Korrektur am Rapport vum 18 Mäi 2022 gemaach.

Punkt 3 : Feedback iwwert d' Resultat vum Klimapakt 2.0 Audit

Leider louch nach keen vollstännegen Feedback vir. Deen gëtt richt an der nächster Klimapakt Sëtzung den 20 Juli präsentéiert, déi awer mëttlerweilen och an den August verluecht gouf. Duerfir hu mir dëse Punkt vun der Dagesuerdnung net weider traitéiert.

Punkt 4 : Subsiden upassen un de Klima Bonus (voir www.Klimagence.lu)

Bei engem Neibau oder enger energeetescher Renovatioun un engem besteeënden Haus kënnen d' Proprietairen Primen ufroen, souwuel bei der Klimaagence wéi och bei der Gemeng. Klimaagence an d' Gemeng ënnerstëtzen jeeweils eng Rei vun energeeteschen Projeten, mee d' Angebot vu Subsiden bei der Klimaagence ass méi héich. Et geet lo drëm fir eventuell Upassungen oder Ergänzungen bei de Gemengen Subsiden ze proposéieren.

Helperknapp, 19/07/2022

Punkt 5 : Charta fir Veräiner

De Philippe informéiert dat Gemeng dem EBL bäigetrueden ass. Deemnächst musse mir dann mat den Beroder vun der EBL Kontakt ophuelen fir eng Charta auszeschaffen. Hien huet och ergänzt dat Drénkwaasser op Eventer kann zerwéiert ginn, awer just wann Leitungsmaterial den hygieeneschen Ufuerderungen entsprécht.

Punkt 6 : Tour du Duerf

Dëst Joer fënnt den Tour du Duerf vum 10 bis 30 September statt. Den Philippe huet matgedeelt dat eis Gemeng ugemellt ass. Wéi dat lescht Joer proposéiere mir erëm 2 Tier, fir d' Strooss a fir Mountainbike, a mir hunn deen 25 September als Datum festgehal fir dann zesummen mat hoffentlech vill Interesséierten dës Tier mam Vëlo ze fueren. D' Invitatioun geet un Gemeng an un déi aner Kommissiounen.

Natierlech kann Jiddereen wärend der Zäit d' Kilometeren déi hien mat Vëlo absolvéiert um Site "tourduduerf.lu" androen, nodeem e sech ugemellt huet. Dat géif hëllefen e flotten Participatioun's Bilan vun eiser Gemeng z'erreechen.

Punkt 7 : Kommt all an de Märjendall

D' Ëmwelt Kommissioun wëllt och ee Bäitrag leschten. Zwou Iddien goufen proposéiert:

- Den Lëtzebuerger Film "Eng Äerd" vum Tom Alesch z.B. an der Capelle ze projezéieren. Den dauernd allerdéngs 84 Minutten an dat ass ze laang fir dës Veranstaltung. Mir kucken no enger Alternativ.
- E Stand vun der Klimaagence z' organiséieren fir interesséiert Leit iwwer all Méiglechkeeten vum Klimaschutz duerch Energie Reduktioun resp. Hëllefen duerch Subsiden z' informéieren.

Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass den 13 September um 19h00 am Gemengerotssall.

ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 19/07/2022

- Feedback iwwert d' Resultat vum Klimapakt 2.0 Audit
- Subsiden upassen un de Klima Bonus (voir www.Klimagence.lu)
- Reparatur-Atelieren am Verbond mat der Kreeslaf Wirtschaft
- Liewensqualitéit an der Gemeng a Verkéiersberouegungs-Moossnamen

---

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (tanja.asselborn@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.